Kayama - sou kléngt e moderne Chouer

De „Sängerbond HELVETIA Gemeng Tandel“ während dem Concert

Photo: Laurent Willkomm

Nodeems mir 2014 am Süden, an der Dekanatskierch vu Beetebuerg, op Besuch waren, huet de 17. Mee dëst Joer d'Kierch vun Ettelbréck de Kader gestallt fir de Concert National vum Piusverband. En iwwerraschend grousse Publikum hat sech hei zesummefonnt, a mir ware frou, niewent ville Membere vum Zentralcomité an der Delegéierteversammlung och de Minister Fernand Etgen an den Ettelbrécker Buergermeeschter Jean-Paul Schaaf hei ze gesinn.

Den Titel „Kayama - sou kléngt e moderne Chouer“ hat virwëtzeg gemaach a sécher och d'Lat héich geluecht, an de Sängerbond Helvetia ënnert der Direktioun vum Andy Loor huet d'Erwaardunge méi wéi erfëllt. Dëse Chouer, deen 2009 ënnert dem Impuls vun der INECC aus de Choralë vu Baastenduerf, Branebuerg a Furen an der Fusiounsgemeng Tandel entstanen ass, huet mat sengem „grousse“ Chouer, sengem Jugendchouer, dem Pianist Claude Kraus an de Percussioniste Conny Faber a Patrick Kraus e Programm gebueden, deen iwwerzeegt huet. John Rutter, Bob Chilcott, Ernani Aguiar si sécher och an der Kierchechouerlandschaft keng onbekannte Komponisten, Karl Jenkins an Elton John kennt ee vläicht éischter aus aneren Zesummenhäng, an d'Chouerkompositiounen aus der Fieder vu verschiddenen nordesche Komponisten hunn aus deem Ganzen e Programm mat vill Ofwiesslung (och an der Besetzung an der Opstellung) gemaach, deen duerchduecht an exzellent ausgefouert war.

Besonnesch ervirhiewe wéilte mir awer och déi dräi Beiträg vum Ettelbrécker Organist Tom Schreiner, deen op der grousser Uergel e Processional vum W. Mathias (1964) an eng Toccata vum Marcel Lanquetuit (1927) gespillt huet. D'Mëtt vum Concert huet hien op der Choueruergel mat de Sweelinck-Variatiounen iwwer „Mein junges Leben hat ein End“ (ëm 1600) markéiert.

E Merci och un d'Gemeng Ettelbréck, déi nom Concert den Éierewäi spendéiert huet, mat deem dëse musikalesch aussergewéinlechen Dag säin Ofschloss fonnt huet.

Den Dirigent Andy Loor weist, wie Chef ass.

Photo: Laurent Willkomm

Laurent WILLKOMM